**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 3547 vum 29. Januar 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Vun 2008 bis 2019 war de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) mat all de Gemengen ënnerwee fir am Kader vun der étude préparatoire vun hire PAGen e Repérage vum lokal schützenswäerte Patrimoine ze realiséieren. Ronn 27.000 Objeten goufen esou reperéiert. D'Beuerteelung vum SSMN an dëser Matière ass also schonn zanter e puer Joer ofgeschloss a gouf alle Gemenge matgedeelt. Wéi séier a wéi vill d'Gemengen iwwert hire PAG schützen, dat läit an hiren Hänn. Eleng den Inneministère ka fir de Staat an dëser Matière eng Kontroll ausüben an, le cas échéant, e PAG net gutt heeschen.

Vu datt den SSMN net muss informéiert gi wéini reperéiert Gebaier ouni kommunale Schutz ofgerappt ginn, ass net gewosst wéi vill dëser Haiser verschwonne sinn. Eng Rei konnten der gerett ginn, well Bierger Gefore gemellt hunn an doropshin e nationale Schutz ageriicht gouf. Natierlech mussen an deem Fall d'Haiser och de Krittäre vum nationale Schutz entspriechen.

Ganz vill Gemengen hunn e groussen Deel vun deem wat reperéiert gouf iwwert hir PAGe geschützt. Eenzel Gemenge souguer bal alles. Leider hunn déi politesch Responsabel vun e puer Gemengen net vill geschützt. Dat kann ee bedaueren, well esou weder reperéiert Gebaier e Schutz hunn, nach hir Proprietairen eng Rechtssécherheet kruten. Effektiv kann d'Gebai, wann  et de Krittäre vum nationale Schutz entsprécht, nawell op nationalem Plang geschützt ginn. Dobäi kënnt och nach, datt déi Proprietairen deenen hir Haiser kee Schutz hunn, net kënne vun de staatleche Subsiden a vun de Rotschléi vum SSMN profitéiere wann um Haus geschafft gëtt. Effektiv kann de Staat bis zu 25% subventionéiere wann en adequate kommunale Schutz besteet.

No der Analyse vum Projet vum PAG, mellt den SSMN der „Commission d'aménagement" am Inneministère wat eng Gemeng net wëll schützen. Dann ass et un dëser Kommissioun an um Innenminister fir den Awänn vum SSMN Rechnung ze droen oder de PAG nawell gutt ze heeschen.

Am Kader vun der wëssenschaftlecher Inventarisatioun vum national schützenswäerte Patrimoine ginn all Gemengen nach eng Kéier vum SSMN opgeschafft. Dësen Inventaire ass viru 5 Joer lancéiert ginn an ass fir 4 Gemengen ofgeschloss (Fiels, Fëschbech, Helperknapp a Miersch). Dës Aarbecht ass vill méi intensiv wéi de Repérage mat de Gemengen. All Gebai wat e nationalen Interêt huet fir geschützt ze ginn gëtt dokumentéiert. Och gëtt vir all Gebai e motivéierten Argumentaire verfaasst fir kënnen e nationale Schutz anzeleeden.

D'Beispill aus der Fiels weist gutt wéi vill Haiser fir e kommunale Schutz a Fro kommen a wéi vill fir e nationalen. Eng 220 Gebaier goufe fir de PAG reperéiert an och iwwert dëse Wee geschützt. 67 Objete si mam wëssenschaftlechen Inventaire vum SSMN dokumentéiert ginn a ginn och elo national geschützt. All dës Gebaier hu schonns e kommunale Schutz, mä net all déi kommunal geschützten Haiser verdénge e nationale Schutz.

Parallel zum wëssenschaftlechen Inventaire gëtt awer och weiderhi landeswäit national geschützt. Zanter 2008 gouf esou d'Zuel vun den national geschützte Gebaier verduebelt, dat obwuel de Staat schonn zanter 1927 schütze kann. Am Moment sinn 1.725 Objeten national geschützt.

D’Quantitéit an d’Qualitéit vum kommunale Schutz hänkt vun all eenzeler Gemeng of. D’Gemengen hunn zanter dem Gemengegesetz vun 1937 déi rechtlech Mëttel fir wierksamen an adequate kommunalen Denkmalschutz ze maachen.

Iwwregens gesäit d’„Convention de Grenade“ fir, datt op all Verwaltungsniveau wou Denkmalschutz méiglech ass, dësen och muss geschéien, notamment duerch d’PAGen. Dat nennt sech « conservation intégrée », déi d’Erhale vum gebauten Ierwen als essentiellt Ziel vum Urbanismus gesäit. Dës Conventioun gouf vu Lëtzebuerg 2016 approuvéiert.

Dat neit Gesetz iwwert de nationale Denkmalschutz wäert de Gemengen hir Autonomie, hir Kompetenzen an hir Responsabilitéit an dëser Matière a kengster Weis veränneren. Eng Gemeng déi schütze wëll wäert et och weiderhi kënnen. An den SSMN wäert och weiderhin all Gemeng bei dëser Aufgab zur Säit stoen, wa si et wëll.